CSV Dippech

Betten •
Dippech •
Sprénkeng •
Schuller •

Dezember 2009

Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV Dippech
Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Dippech

Nouvelle Maison Relais pour Enfants et extension de l'école fondamentale

La Maison Relais n'est installée au Home Saint Joseph que provisoirement. L'élaboration des plans pour la nouvelle Maison Relais ainsi que pour l'extension de l'école fondamentale approche la phase finale. Nous pourrons donc bientôt aborder la partie administrative par un premier vote au conseil communal. Reste à voir quel pourra être l'ampleur de la première phase de la construction en tenant compte de l'évolution très difficile des finances de l'Etat et des communes.

Maison Relais pour Enfants depuis le 15 septembre 2009

Une Maison Relais pour Enfants fonctionne depuis le 15 septembre de cette année dans le Home Saint Joseph à Schouweiler. Les besoins en ce qui concerne cette infrastructure sont largement couverts dans notre commune. La mise sur pied de la Maison Relais en un temps record a été réalisée par la nouvelle majorité en place depuis le 6 février. Cela ne semble pas plaire à au moins un conseiller du LSAP qui ne cesse de radoter. Ainsi le loyer lui semble trop élevé alors qu'il a été fixé par un expert assermenté. D'autre part, il ne semble pas vouloir comprendre que le prestataire de service (ProActif) engage du personnel inscrit à l'ADEM et que le recrutement ne se fait pas par l'administration communale.

Beaucoup de «pain sur la planche» pour la majorité CSV du Conseil Communal

C'est le 6 février 2009 que l'ancienne majorité LSAP-DP de notre commune a été relayée par la nouvelle majorité constituée de membres du CSV. Pendant les trois années de responsabilité dans les affaires communales, cette ancienne majorité n'a fait que terminer les projets largement entamés par l'ancien conseil communal et a acheté trois terrains dont un pour l'extension du complexe scolaire. Ce dernier se prête en effet très bien pour cet usage. La situation est différente pour les deux autres terrains. L'un est inconstructible car sur le tracé du contournement de Dippach-Gare. L'autre est constitué d'un sous-sol très instable qui aurait engendré des frais énormes pour construire les fondations. Les plans de deux projets de constructions ont été élaborés en 3 ans : Le home pour scouts ainsi que le bâtiment pour les sapeurs pompiers et la régie des services communaux. Un autre avant-projet sommaire, celui d'une Maison Relais et de l'extension de l'école fondamentale a été commencé, mais ne correspondait pas aux attentes de la nouvelle loi scolaire. D'autre part les voies d'accès projetées étaient très onéreuses et illogiques et ne garantissaient pas une bonne sécurité aux enfants. Il restait donc «beaucoup de pain sur la planche» pour le CSV, qui n'a pas chômé en essayant de récupérer le temps perdu.

Nouveaux locaux pour pompiers et nouveaux ateliers pour le service de régie

Le corps de sapeurs-pompiers de Dippach est installé dans un hangar en tôles et bardages qui date de plus de 30 ans. La construction est arrivée en fin de vie et un déménagement dans d'autres locaux mieux adaptés s'impose. Il en est de même du corps de sapeurs-pompiers de Bettange, qui est installé dans des locaux en bon état mais trop à l'étroit et surtout mal situés pour une intervention rapide. Les ateliers communaux sont décidément trop petits et non appropriés aux besoins réels. Ainsi il s'impose de mettre les infrastructures nécessaires et adaptées à la disposition de nos sapeurs-pompiers qui remplissent leur mission de façon bénévole. Nos ouvriers communaux ont aussi besoin d'un atelier moderne et suffisamment grand pour pouvoir travailler dans de bonnes conditions. L'ancienne majorité a fait élaborer des plans pour un nouvel ensemble en collaboration avec les corps de pompiers et les ouvriers communaux. Ces plans qui correspondent parfaitement aux besoins seront exécutés tels quels mais sur un autre terrain bien mieux situé au centre de la commune, à côté de l'entreprise «Feller» sur la RN 13 à Dippach. Cette position garantit un temps d'intervention optimal de nos pompiers. L'économie réalisée au niveau des fondations qui sont de loin moins onéreuses sur le nouveau terrain, permettra d'acheter le terrain en question tout en diminuant le coût global. Dès que nous disposerons de l'étude environnementale, le projet sera présenté au Conseil Communal et les travaux devraient pouvoir commencer au courant de l'année prochaine.

Le nouveau home pour scouts

Le projet du home pour scouts établi par l'ancienne majorité LSAP-DP ne répondait pas aux attentes des scouts. Sachant cela, l'ancienne majorité avait prévu dès le départ de faire construire plus tard une annexe au bâtiment. Ceci aurait provoqué à moyen terme un coût supplémentaire considérable par rapport à la solution de construire cet espace dès à présent. La nouvelle majorité CSV a élaboré un projet modifié qui correspond parfaitement aux besoins des «**Dachsen**» La première pierre a pu être posée le 30 octobre dernier et si tout va bien, les scouts pourront profiter de leur infrastructure dans un an et demi.

Rénovation du réseau routier

Les travaux de rénovation de l'espace publique du lotissement «Galgenberg» commenceront au début de l'année prochaine, dès que les conditions météorologiques le permettront. Des plans et devis du projet de rénovation du réseau routier du lotissement «Op der Haard» seront terminés au début de l'année prochaine. Les différentes variantes de plans seront comme de coutume présentées et discutées en public. En principe les travaux y relatifs pourront être entamés, sauf imprévu, fin de l'année prochaine.

Campagne de diffamation contre Mme Schaul

Gaby Schaul, échevine dans la Commune de Dippach, qui a rejoint les rangs du CSV, a fait l'objet d'une campagne de diffamation de la part de l'ancienne coalition LSAP-DP. Ceux-ci feraient mieux d'examiner les raisons profondes de leurs nombreuses discordes internes et interminables tout au long des 3 années de gestion des affaires communales pendant lesquelles leur bilan a été des plus maigres. C'est trop facile et démagogique d'essayer de mettre tout ce gâchis sur le dos d'une seule personne et de se présenter en victime. Nous tenons à rappeler que Mme Schaul, en tant que échevine indépendante1 à l'époque, s'est bien prononcée contre le budget que le LSAP a également refusé d'approuver.

Mat eise beschte Wënsch fir 2010, invitéiert CSV-Dippech Iech op säin traditionellen NEIJOERSPATT den 9. Januar 2010 em 19.30 Auer an der Buvette vun der Sportshall zu Schuller.

Nei Maison Relais fir Kanner an nei Schoul

D'Maison Relais soll awer nëmmen provisoresch fir dräi Joer am Home St Joseph ënnerbruecht ginn. D'Aarbechte vum Ausschaffe vu Pläng fir eng nei Schoul mat Maison Relais si scho wäit fortgeschratt a kënne kuerzfristeg op den Instanzewee geschéckt ginn. Bleiwt nach just ze gesinn wéi grouss mir an enger éischter Phase bauen, well déi nächst Joeren déi virun der Dier stinn, gesinn um finanzielle Plang beim Stat an de Gemengen net roseg aus.

Maison Relais fir Kanner ab dem 15. September 2009!

An eiser Gemeng fonctionnéiert zanter dem 15. September eng Maison Relais am Home St Joseph zu Schuller. D'Besoinen vun den Awunner aus eiser Gemeng sinn zur Zäit voll ofgedeckt. D'Organisatioun vun dëser Maison Relais ass an enger Rekordzäit realiséiert ginn, wann ee bedenkt, dass mir eis eréischt ab dem 6. Februar heimatt konnten ofginn. Dass eis dëst gelongen ass, schéngt awer op d'manst engem Conselljee vun der LSAP net ze gefalen, well heen versicht alles schlecht ze maachen wat heimat ze dinn huet. Sou ass de Loyer, deen d'Gemeng bezillt, him ze héich, obschonns dësen vun engem assermentéierten Expert festgeluecht ginn ass. Och schéngt heen net ze verstoen dass d'Gemeng ee Kontrakt mat enger Organisatioun huet fir d'Maison Relais ze verwalten (ProActif), an dass dës Organisatioun d'Leit (déi op dem Arbeitsamt gemellt musse sinn) astellt an net d'Gemeng.

Ganz vill Aarbecht huet op déi nei CSV-Majoritéit gewaart

De 6. Februar 2009 ass déi al LSAP-DP-Majoritéit vun der CSV-Majoritéit ofgeléist ginn. Während deenen dräi Joer si vun der LSAP an der DP eis Projeten weidergefouert ginn a si hunn dräi Terrainen kaf, wouvunn een fir de Bau vun der neier Schoul war. Dësen Terrain ass och ideal fir dësen Zweck. Bei deenen zwéin aneren Terrainen awer gesäit dat ganz anescht aus. Deen een Terrain ass hypothekéiert duerch de Bau vum Contournement an deen aneren huet esou e schlechten Ënnergrond, soudass d'Fondatiounen vum Gebai dat sollt dorop gebaut ginn, een enormt Kapital géngen verschléngen. Zwéi Baupläng sinn an dräi Joër ausgeschafft ginn: Deen vum Scoutshome, souwéi deen fir de Pompjeesbau a Gemengenatelier. De Plang fir eng nei Maison Relais an eng nei Schoul war wuel ugefange ginn, mä entsprécht net den Ufuerderungen vum neie Schoulgesetz. Doriwwer eraus waren déi geplangten Zougangsweeër vill ze deier an onlogesch, an hunn och nach keng Sécherheet fir eis Schoulkanner, déi mam Bus an d'Schoul fueren, virgesinn. Et huet also vill Aarbecht op D'CSV gewaart, a mir versichen zanter dem 6. Februar déi verlueren Zäit esou gutt wéi méiglech wettzemaachen.

Neie Pompjeesbau a Gemengenatelier

Well weder eis Pompjeeën nach eis Gemengenaarbechter hieren Déngscht ënnert gudden Konditiounen verriichte kënnen (déi Dippecher Pompjeeshal ass um Enn vun hirer Liewensdauer ukomm, dee Bettener ass ze kleng a schlecht zougänglech an de Gemengenatelier ze kleng an onpraktesch), muss esou séier wéi méiglech eise Pompjeeën, déi hieren Déngscht fräiwelleg an onentgeldlech verriichten, een neien, de modernen Erausfuerderungen entspriechenden Asazzenter zur Verfügung gestallt ginn. Och eis Gemengenaarbechter brauchen dringend een neien modernen Atelier fir hier Aarbecht ënnert anstännegen Konditiounen verriichten ze kënnen. Dofir hat déi al Majoritéit e Plang maache gelooss, wou eis Pompjeeën a Gemengenaarbechter een neit Doheem fannen sollen. Mir fannen dëse Plang, deen si mat de Pompjeeën an de Gemengenaarbechter zesummen ausgeschafft hunn, ganz gutt, a mir wäerten dësen och genau sou bauen, just op engem aneren Terrain, dee méi zentral läit (op der Wäistrooss nievt der Firma Feller – al Luvia) an domat och e séieren Asaz vun eise Pompjeeën garantéiert. Well hei op dësem Terrain déi deier Fondatiounen net néideg sinn, gëtt dëse Projet trotz dem Kaf vum Terrain nach vill méi bëlleg wéi virdrunn. Mir musse just nach op d'Ëmweltetude waarden, da kënnt de Projet direkt an de Gemengerod an de Bau misst am Laf vum nächste Joër ufänken.

Neie Scoutshome

De Projet vum neie Scousthome dee vun der aler Majoritéit geplangt gi war huet net grad de Virstellungen vun de Scouten entsprach. Well si dat awer scho woussten, hu si direkt een Ubau mat geplangt fir spéider bäizebauen. Dëst géif eis Gemeng awer duebel esou deier ginn, wéi wa mir direkt dat bauen, wat d'Scouten wierklech brauchen. Duerfir huet CSV-Majoritéit de Plang de réellen Besoinen vun den „Dachsen" ugepasst. Den éischte Steen konnt schonn den 30. Oktober geluecht ginn, a wann alles normal leeft, kënnen eis Scouten an annerhalvem Joër an hiren neien Home anzéien.

Erneiren vun eisen Stroossennetz

D'Aarbechten fir d'Erneieren vum Lotissement „Galgenbierg" fänken deemnächst un, soubal wéi d'Wiéderkonditounen dëst erlaben. D'Pläng an den Devis fir d'Erneieren vum Lotissement „Op der Haardt" ginn ufanks nächst Joër fäerdeg. Déi verschidden Varianten ginn, wéi dat bei eis de Gebrauch ass, ëffentlech présentéiert an diskutéiert. Am Prinzip kënnen hei d'Aarbechten Enn nächst Joer ugoen.

Verleumdungscampagne géint d'Madame Schaul

D'Gaby Schaul, Schäffin an der Gemeng Dippech, déi elo jo an der CSV ass, huet missen eng Verleumdungscampagne iwert sech ergoe loossen, déi vun der aler LSAP-DP-Majoritéit inszenéiert war. Dës Leit hätte besser sech selwer ze froen wat datt d'Uersaach vun deenen andauernden interne Streidereien war, déi sech iwert déi dräi Joer vun hirer Herrschaft an der Gemeng higezunn hunn, wou niéwebäi bemierkt d'Bilanz ganz moer ausfällt. Et ass nun eemol zevill einfach de Leit virzegaukelen un allem wat geschitt oder och net geschitt ass wier d'Madame Schaul schold, a sech selwer als Affer vun enger eenzeger Persoun duerzestellen! Et siéf drunn erënnert, dass d'Madame Schaul sech als Onofhängeg géint dee Budget ausgesprach huet, deen d' LSAP selwer och net gestënnt huet.

Joersausfluch vum CSV-Comite

De 17. Oktober 2009, haten Memberen vum CSV Comité, an eegener Regie, zesummen mat hire Partner, en Ausfluch organiséiert. Ugefaang gouf dësen Tour mat enger interessanter an impressiounanter visite am Musée HENRI TUDOR zu Rosport. Als nächst um Programm war dann nach eng Visite guidée an de Caves BERNARD-MASSARD zu Grevenmacher. Den Ofschloss vun dësem flotten Dag war duerno mat engem gemeinsamen Iessen am Restaurant LA TOURELLE zu Stadtbredimus.

Le 17 octobre de cette année, lors d'une excursion, les membres du comité de la section locale du CSV, accompagnés de leurs partenaires, se sont rendus à Rosport pour une visite intéressante et impressionnante du musée HENRI TUDOR. Ensuite ce fut une visite guidée des Caves BERNARD-MASSARD à Grevenmacher avant de clôturer cette belle journée par un dîner au restaurant LA TOURELLE à Stadtbredimus.

saint-paul luxembourg